



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Sécurité intérieure

A
Monsieur le Ministre
aux Relations avec le Parlement
p.a. Service Central de Législation

Luxembourg, le 09 SEP. 2021


Objet : Question parlementaire n° 4804 du 12 août 2021 de Monsieur le Député Fernand KARTHEISER concernant "Aggressions contre la Police grand-ducale".

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous transmettre ci-joint la réponse à la question parlementaire reprise sous rubrique.

Je vous prie de croire, Monsieur le Ministre, à l'expression de ma considération distinguée.

Le Ministre de la Sécurité intérieure,



Henri Kox

Réponse commune de Monsieur le Ministre de la Sécurité intérieure Henri KOX et de Monsieur le Ministre de la Fonction publique Marc HANSEN à la question parlementaire n° 4804 du 12 août 2021 de l'honorable Député Fernand KARTHEISER

Ad Fro 1

Den Artikel 32 vum Staatsbeamte Statut regelt dës Situatiounen a sengem Paragraphe 4 dee Folgendes virgesäit:

« L'Etat protège le fonctionnaire ou l'ancien fonctionnaire contre tout outrage ou attentat, toute menace, injure ou diffamation dont lui-même ou les membres de sa famille vivant à son foyer seraient l'objet en raison de sa qualité ou de ses fonctions ainsi que contre tout acte de harcèlement sexuel et tout acte de harcèlement moral à l'occasion des relations de travail. Dans la mesure où il l'estime nécessaire, l'Etat assiste l'intéressé dans les actions que celui-ci peut être amené à intenter contre les auteurs de tels actes. Il en est de même pour les actions qui seraient intentées par des tiers ou par les autorités judiciaires contre le fonctionnaire en raison de sa qualité ou de ses fonctions devant les juridictions de l'ordre judiciaire ».

Dat heescht, dass de Staat seng Agente géint all Zorte vun Ugrëff, déi se am Exercice vun hirer Fonctioun erleide kéinten, schützt. Falls et néideg ass, assistéiert en se och, wann Drëttpersonen oder d'Justiz Si an hirer Qualitéit oder Fonctioun als Staatsbeamten usichen.

Wann den Agent oder Leit aus senger Famill dës Protectioun ufroen, hëlleft de Staat kuerzfristeg an onkomplizéiert.

D'Hëllef gëllt nëmme fir Situatiounen déi een Zesammenhang mat der Fonctioun hunn. Den Agent huet keen Urecht op Protectioun wann et sech em Situatiounen aus dem Privatlewen handelt.

D'Hëllef gëllt och net, wann et sech em ee Litige mam Staat a senger Qualitéit als Employeur handelt. Disziplinaresch Enquête falen also net ënnert d'Protectioun.

Den Text schwätzt och net vun Assistance juridique mee vun Assistenz. Dës kann also ganz variabel sinn, wéi zum Beispill intern Hëllef vu Juriste vum Staat oder awer och iwwert d'prise en charge vun externen Affekotekäschte bis zur Hëllef vun internen oder externe Psychologen.

Wa vun Assistenz riets ass, heescht dat awer net, dass de Staat einfach nëmmen d'Käschten iwwerhëlt.

De Staat huet d'Missioun ze kucken, dass den Agent déi Hëllef kritt déi erfuerdert ass, fir dass him gehollef gëtt. D'Protectioun déi de Staat offréiert muss sënnvoll, effikass an adequat sinn. Dëst ass awer net anescht wéi bei aneren Hëlfelefen déi de Staat gëtt. Als Verglach kann een do d'assistances judiciaires nennen, wéi se vum Justizminister accordéiert ginn.

Assistenz heescht also net, sou wéi et oft behaupt gëtt, dass de Staat automatesch d'Affekotekäschte muss iwwerhuelen, mee de Begrëff vun der Assistenz ass méi wäit auszeleeën a kann och aner Ënnerstëtze bedeuten.

Allgemeng sinn déi bestoend Texter gutt an d'Praxis weist och, dass dem Agent gehollef gëtt wann dat néideg ass.

Ad Fro 2):

Schosswaffegebrauch an Uwendung vu schwéierer Gewalt a liewensgefäierleche Situatiounen gehéieren leider zu den Eventualitéite vum Policeberuff a si fir Polizisten psychesch extrem belaaschtend. Esou ass et evident, datt Polizisten no esou Erfahrungen ëmmer d'Méiglechkeet vun enger enger psychologescher Betreueg ugebuede solle kréien.